Allianz vun Humanisten Atheisten & Agnostiker

# Kulturkatholiken

**Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio**

20.06.2014

*Heiansdo héiert ee vu Kierchevertrieder via d'Press, dass zu Lëtzebuerg d'Majoritéit vun de Leit Katholike wieren. "Mä ass dat wierklech sou?", freet sech de Laurent Schley, President vun AHA, a senger Carte blanche vun haut, mam Titel "Kulturkatholiken".*

Vill Leit stelle sech d'Fro, wat eigentlech ee richtege Katholik ausmécht? Wat fir Critèrë muss een erfëllen, fir Katholik ze sinn?

Ee Mënsch, dee vu sech behaapt, Katholik ze sinn, MUSS fir d'éischt mol di Haaptdogme vun der kathoulescher Relioun blann gleewen, ouni se ze hannerfroen oder kritesch driwwer nozedenken.

Et MUSS een notamment un d'Existenz vun engem „Schöpfer-Gott" gleewen, deen d'Welt an de Mënsch erschafen huet. Et MUSS ee gleewen, dass virun 2000 Joer eng Fra ee Kand krut, ouni 9 Méint virdru Sex gehat ze hunn. Et MUSS ee gleewen, dass di Kichelcher, di de Paschtouer de Leit an der Mass zerwéiert, an dee Wäin, dee just hie selwer drénkt, dat ECHT Fleesch a Blutt vun engem Mënsch sinn, deen dräi Deeg laang mausdout war an op eemol nees lieweg gouf. Et MUSS een un d'Dräifaltegkeet gleewen, also un den Dogma „Gott = Jesus = hellege Geescht".

Wann een déi Saachen net gleeft, dann ass ee fir d'kathoulesch Kierch KEE Katholik. Wann een der Meenung ass, dass dee „Gott", dee „Jesus" an/oder deen „hellege Geescht" (wat och ëmmer dat soll sinn) verschiddden Entitéite sinn, oder, wann ee souguer mengt, dass déi Figuren do ni existéiert hunn, dann huet ee laut deem virun 1689 Joer ofgehalenen éischte Konzil vun Nicäa ee ketzeresche Glawen, oder, fir et am moderne Jargon auszedrécken, 't ass een Agnostiker oder Atheist.

Fir e richtege Katholik ze sinn, MUSS ee sech och streng un déi Verbueter halen, déi d'kathoulesch Kierch ausschwätzt. Z.B. dierf ee kee Sex ausserhalb vun engem Bestietnis hunn. Et dierf ee keng Verhütung uwenden an domadder Sex nëmmen exklusiv zu Reproduktiounszwecker notzen.

Ech zweiwele keng Sekonn drun, dass et zu Lëtzebuerg Leit gëtt, déi déi Critèren do zu 100% erfëllen a sech domadder kënnen a solle "Katholik" nennen.

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Ech stelle mer just d'Fro, wéi vill et der wierklech sinn.

Sinn déi meescht Lëtzebuerger net éischter eng Zort "Kulturkatholiken"? Leit, déi am zaarte Kandsalter zwangsgedeeft goufen a ni offiziell ausgetruede sinn? Leit, déi déi nostalgesch Chrëscht- an Ouschterfester flott fannen, ouni un déi associéiert Dogmen ze gleewen? Leit, déi rationell denkend Mënsche sinn a just an der Kierch bestuet ginn an hir Kanner deefe loossen, fir kee Sträit an der Famill ze kréien? Leit, di hir Kanner an de Relliounsunterrecht schécken, well se mengen, soss géingen d'Kanner ausgestouss ginn? Leit, déi all déi Saache matmaachen, „well et jo schonn ëmmer sou war“?

Senge Kanner mënschlech a modern Wäerter vu senger Kultur vermëttelen, selwer denken a seng Matmënsche respektvoll behandelen, déi wichteg Momenter am Liewe feieren, wéi z.B. eng Gebuert oder eng Hochzäit, oder op Feierdeeg flott kulturell oder national Fester zelebréieren, sinn alles Saachen, dofir brauch ee keng Kierch, keng Relioun a kee Glawen. Dat geet och ouni Kierch, ouni Relioun an ouni Glawen. Vläit jo souguer e gudde Krack besser.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*

**A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.**
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu